ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. November 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

E Schreiwes vun der Generaldirektioun vun de Groussherzogleche Rettungsdéngschter (CGDIS) huet bei Pompjeeën a Secouriste fir vill Opreegung gesuergt, wéi op de soziale Medie festzestelle war. Et reegelt haaptsächlech, wéini d'Membere vun de Rettungsdéngschter hir Uniform däerfen droen a soll an den Interne Reglement vun de Rettungsdéngschter opgeholl ginn. Meng Froen, déi ech wéilt dem Här Banneminister stellen, bezéie sech engersäits op verschidde schwammeg a restriktiv Ausleeungen an dëser Circulaire an anerersäits op d'Organisatioun vun de Rettungsdéngschter.

1. Bei den offiziellen Aktivitéite vu nationalem Interessi ginn an enger Klamer am Text ausschliisslech d'"Journée de la Commémoration nationale" an Nationalfeierdag opgefouert. Eng extra Autorisatioun vun der Hierarchie fir duerfen d'Uniform unzedoe wär deemno ënnert anerem fir Bärbelendag, fir lokal Gedenkfeieren a lokal historesch Evenementer, fir vill reliéis Feieren, mee och fir vill sozial Evenementer (Bestietnes, Abschied vu Kollege vum Rettungsdéngscht ...) néideg. Wär net eng manner restriktiv Ausleeung sënnvoll?
2. Gesäit den Här Minister d'Gefor, datt deen do Text déi déif lokal Verwuerzelung vun de Rettungsdéngschter, déi esouwuel en Deel vun hirer altruistescher Identitéit wéi och vun där vun den betraffenen Uertschaften ass, opléist?
3. Wär den Här Minister d'accord fir ze soen, datt all Versuch, déi villschichteg Kontakter a Bezéiunge vun den Rettungsdéngschter op lokalem Plang an engem offiziellen Text wëllen ze definéieren, noutwennegerweis zu Onzefriddenheet féiert an datt déi laang erproufte Praxis vun de Rettungsdéngschter bis ewell no baussen net zu Kloe gefouert huet?
4. Léist deen Text net ze liichtfankeg ausser Uecht, datt jonk Leit an al gedéngte Membere vun de Rettungsdéngschter zu Recht houfreg op hir Uniform sinn an datt si dës gären als Auszeechnung droen, och well si fir hir Energie an Zäit am Déngscht vun der Allgemengheet nëmmen minimal entschiedegt kréien.
5. Ass deen Text ze liesen als Mësstraue vum Minister oder der Generaldirektioun vun de Groussherzogleche Rettungsdéngschter géintiwwer hire Memberen?

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

6. Iwwerdeems den Text sech mat jonke Memberen an der Amicale befaasst an och probéiert, d'Ausléine vu Material an d'Versécherung vu de Memberen ze reegelen, liest ee kee Wuert iwwer Leit, déi net méi am offiziellen Déngscht stinn. Gëlle fir si déi nämmlecht Restriktiounen?
7. Nëmmen um Rand ernimmt gëtt de Gebrauch vun de Pomjeesgefierer. Iwwer den Déngschtgebrauch an déi normal Aufgabe vun de Rettungsdéngschter eraus, spillen dës, grad am Veräinsliewe vu méi klenge Gemengen a wann den Déngscht doduerch net beanträchtegt gëtt, eng wichteg Roll, och wat d'Logistik vu Fester ugeet (z.B. Haupeschmaart). Ass den Text och an dëser Bezéiung restriktiv ze verstoen oder bleift et do bei der gängeger Praxis?
8. Wann ee liest, wie wou muss em Erlaabnes froen, fir dierfen d'Uniform unzedoen, mierkt ee séier, wat fir e bürokrateschen Opwand an de Groussherzogleche Rettungsdéngschter bedriwwe gëtt. Mengt den Här Minister net och, datt grad bei enger Organisatioun, wou et op séier a flexibel Hëllef an dacks op d'Sekonn ukënnt, „schlank" Strukturen a séier Entscheedungsweeër wichteg sinn?
9. Den Text vun der Generaldirektioun seet näischt iwwert méiglech Sanktiounen, déi gräifen, wann e Pompjee oder Secourist sech net un déi Circulaire géing halen? Besteet d'Gefor, datt Verstéiss géint dësen Text zu Sanktioune kéinte féieren a, wa jo, zu wéi engen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten